



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture  
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7987 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

- **Wat gött genee an der Etude ofgefrot?**  
An der Etude geet et drëms erauszefannen, wéi d'Produzenten déi ekonomesch a strategesch Situatioun vun hiren Betriber aktuell an an Zukunft aschätzen. Et ginn och Froen gestallt wat hir Suergen an hiren Image ugi respektiv wat si mengen wat d'Attente vun de Konsumenten vis-à-vis vum Secteur sinn.
- **Wat ass déi genee Zilsetzung vun der Etude?**  
Parallel zu dëser Etude huet de Ministère d'Meenungsinstitut ILRES och beoptraagt, eng Ëmfro bei de Konsumenten ze maachen, déi zum Deel déi selwecht Froen gestallt krute wéi d'Produzenten. D'Zil ass et fir d'Attenten a Besoine vun deenen Engen an Anere besser kennen ze leiere fir se am Sënn vun enger nohalteger Ernierungsstrategie, déi Lëtzebuerg sech an de nächste Jore wäert ginn, besser kënnen ofzestëmmen.
- **Adresséiert sech d'Etude un all d'landwirtschaftlech Betriber am Land?**  
Alleguerten d'landwirtschaftlech Betriber goufen vum Minister Claude Haagen ugeschriwwen, d'Deelhuelen ass fakultativ.
- **Wat fir en Impakt wäerten d'Resultater op Gestaltung vun der Landwirtschaftspolitik an den nächste Joren hunn?**  
D'Resultater vun dësen Etuden wäerten een Element bei der Gestaltung vun der zukünfteger Landwirtschaftspolitik duerstellen .
- **Wéini ginn d'Resultater vun der Etude publizéiert?**  
Enn Juni/ Ufank Juli
- **Wat kascht d'Etude?**  
15.475 € (HTVA)

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN